

# Op eng ganz gutt Saison zréckgekuckt

**Vill Memberen hate sech viru kuerzem zu Bettenduerf an der neier Schoul afonnt fir d'Generalversammlung vun de Wanderfrënn „La Sûre“. De President Jos Groeff war frou, nieft dem Buergermeeschter Albert Back och d'Marie-Josée Schroeder an d'Laure Simon-Becker vum Schäffen- a Gemengerot begrüessen ze kënnen.**

**Bettenduerf** - A sengem Aktivitéitsbericht huet de Sekretär Georges Kintziger op eng ganz gutt Saison zréckgekuckt. Net manner wéi 51.715 Kilometer sinn d'Wanderfrënn vu Bettenduerf am leschte Joer getréppelt, dést bei 3.273 Participatiounen. Den äifregste Marcheur war och dést Joer erëm den Alphonse Lieners mat 6.362 Kilometer, virum Laurie Hoffmann mat 6.006 Kilometer an dem Marc Stelmes mat 2.916 Kilometer.

Ronn d'Halschent vun dese Kilometer sinn zu Lëtzebuerg getréppelt ginn, déi aner Halschent an der Belsch, an Däitschland, a Frankräich, an Holland, an Eisterräich an och an der Schwäiz. Zweek Membereë vum Veräin hate sech un der IVV-Olympiad an Estland bedeelegt a vill Wanderer hu verschidde Wanderwochen am Ausland verbruecht.

D'Organisatioun vun zwee Märsch am Abrëll zu Gilsdrëf an am November zu Bettenduerf hunn zesummen 2.167 Leit an d'Gemeng Bettenduerf bruecht.

Zum Ofschloss sinn all déi Membereë geéiert ginn, déi sech am leschte Joer u mindestens 50 Wanderunge bedeelegt hunn resp. déi mindestens 500 Kilometer gewandert sinn.

Dat waren: Alphonse Lieners (6.362 km / 294 Wanderungen), Laurie Hoffmann (6.006 / 273), Marc Stelmes (2.916 / 168), Nico Reitz (2.017 / 62), André a Marie-Andrée Wagner (2.003 / 96), Margot Reitz (1.992 / 61), Anita Heinen (1.538 / 71), Roland Stelmes (1.221 / 69), Finy Cleës (1.219 / 72), Jules Pignolet (1.205 / 103), Jos Groeff (1.096 / 72), Raymond Schon (1.080 / 76), Léon a Nicole Decker (965 / 75), Théo Bernard (928 / 60), Johny Reichling (910 / 65), Marie-Jeanne Groeff (909 / 62), Emile Barthelemy (869 / 63), Marcel Zimmer (813 / 53), Annette an Arsène Kies (692 / 60), Betty Gitzinger (653 / 48), Josette Schon (611 / 59), Caroline an Henri Niessen (585 / 31), Nic Federspil (582 / 48), Fernand Heinen (581 / 31), Jeanne Hubin (574 / 50), Laure Weyland (554 / 46), Margot Pignolet (516 / 103) a Fred Thies (499 / 57).

De Programm fir d'Joer 2008 gesäit d'Organisatioun vun zwou Wanderunge vir, de Mëttwochsmarsch (26. März) zu Gilsdrëf an de Wantermarsch (16. November) zu Bettenduerf. Dernieft steet erëm d'Coupe scolaire um Programm (23. Mee) an d'Grillparty (20. Juli). Zwou Dagesreese mam Bus si virgesinn, den 3. Mee op Châtelet an der Belsch an de 7. September op Saint-Julian an Däitschland.

De Comité setzt sech folgendermoossen zesummen: President Jos Groeff, Vizepräsident Alphonse Lieners, Sekretär a Caissier Georges Kintziger an d'Memberen Ingrid Cossmann, Laurie Hoffmann, Margot a Nico Reitz, Roland Stelmes, Fred Thies a Marc Winandy. **geki**